N°896
Entrée le 17.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Den 12ten Juni gouf um RTL driwwer bericht, dass bei Konsdref e Känguru fortgelaf ass. Den 13ten Juni gouf um RTL den Artikel aktualiséiert an d'Veterinärsinspektioun koum zu Wuert. Laut der Veterinärsinspektioun wier zu Lëtzebuerg bis ewell nach ni eng Autorisatioun, fir e Känguru ze halen, ausgestallt ginn. Weider heescht et: *"Am Kader vum Déiereschutzgesetz gëtt et eng positiv Lëscht vun Déieren, déi een däerf halen. Do sinn dann och Konditioune festgesat. Wann awer elo een en Déier onbedéngt wëll halen, wat net op där positiver Lëscht steet, da brauch en dofir eng Autorisatioun vum Minister*"

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fir wat fir eng exotesch Déiere goufe bis elo esou Autorisatiounen u Privatpersoune vum Ministère ausgestallt?

2. Ëm wéi vill Déieren handelt et sech heibäi jeeweils opgelëscht no Aart?

3. A wéi ville Fäll gouf eng Autorisatioun refuséiert a fir wat fir eng Déiere war dat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°896
Entrée le 17.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 896 vun den éierbaren Deputéierten Marc Goergen an Ben Polidori**

1. **Fir wat fir eng exotesch Déiere goufe bis elo esou Autorisatiounen u Privatpersoune vum Ministère ausgestallt?**

   Et goufen, baséierend um Art. 5 vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018, 78 Autorisatioune fir Déieren ausgestallt, déi net op der positiver Lëscht stinn. Déi Autorisatioune verdeelen sech wéi follgend:

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Alpaka: 20 | Lama: 4 | Damwëld: 2 | Wëllschwäin: 1 | Nandu: 1 |
| Emu: 1 | Strauss: 1 | Schildkröten: 3 | Schlangen: 9 | Spannen: 25 |
| Skorpiounen: 5 | Echsen: 3 | Wanzen: 1 | Pfeilgiftfrosch: 1 | Känguru: 1 |

2. **Ëm wéi vill Déieren handelt et sech heibäi jeeweils opgelëscht no Aart?**

   Déieren, déi virum Akraafttriede vum Déiereschutzgesetz am Besëtz waren, ginn individuell autoriséiert. D'Zuucht mat hinnen ass net erlaabt. An deem Kader goufe bis elo 6 Alpakaen, 7 Lamaen, 3 Schildkröten, 127 Schlaangen, 26 Spannen, 13 Echsen a 6 Pfeilgiftfrösche autoriséiert. Autorisatioune fir Déieren nom Akraafttriede vum Gesetz kënnen d'Zuucht an den Zoukaf erlaben.

3. **A wéi ville Fäll gouf eng Autorisatioun refuséiert, a fir wat fir eng Déiere war dat?**

   Vun den agereechten Autorisatioune gouf bis elo nach keng Demande no der Evaluatioun refuséiert.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN